

Nicolas Feider

Meng längste Joren

*Kandheet a Jugend am 2. Weltkrich
En Duerfjong aus dem Éislek erënnert sech*



Op der Lay

Vum Minett an d'Eisléck

Wéi kënnt een am Krich vum Eisléck an de Minett? Mir gong et nüt anëscht wéi all deene vu ménger Generatioun: ech gouf zwangsrekrutéiert. Di éischt Etapp an deér verhaasster Uniform war Suwalki, nik wäit vu Vialystok, duerno gong et a Frankräich (Pas-de-Calais, Bretagne). Am August 1943 war Italien un der Räi. D'Preisen haten nämlech spatz kritt, datt do d'Lompen ugefaang hun ze sténken.

Zu Hennebont (Morbihan) hat ech den Abbé Langlo kennegeléiert. Hie war nom Krich Curé-doyen zu Le Palais (Belle-Ile-en-Mer). Bis zu séngem Dout as hie bei äis op Besuch kom.

Am Dezember 1943 sén ech aus der Céigend vu Monte Cassino heem komm, fer ze desertéieren an domat de Preisen an hirme Krich Addi ze soen. Den Här Vic. Klincker, vun 1938 bis 39 Schoulmeeschter zu Léifrig, herno zu Suessel, hot sech fer mech agesat. Ech wollt deemols a Frankräich gouen. Eng kuurz Zäit war ech bei der Famill Klincker, duerno bei hirem Noper, der Famill Jean Wagener, verstopppt. Aus deér geplangter Rees a Frankräich as näischt gin, d'Grenz war zevill geféierlech. Mat Hëllef vun der Resistenz aus dem Minett hun ech am Februar 1944 an der Galerie Hondsbesch eng Stopp fonnt. Ugangs ware mer zu siwwenzéng, am August 44 zu 122 Refraktären.

Mer waren heiånsdo nik viirsichteg genuch an hun esou, ouni et ze wëllen, d'Liewe vun denen, déi äis gehollef hun, op d'Spill gesat. Si all hun eise grousse Merci verdéngt.

„D'Gestapo hot d'Plange vun der Galerie gefrohjt“, sou hot et geheesch. Dorops henn hun, an der Nuecht vum 12. op den 13. August 1944, déi ronn honnertzwanzag Verstoppter aus dem Bunker „Hondbësch“ zu Nidderkuer-Déifferdang sech op de Wee an eng aner Stopp oder op heem zou gemit. Herno hot et sech erausgestallt, datt dat e „Malentendu“ wor. Et seff dann. Zu eiser siwen hu mer eis op d'Rees gemit, zu Fouss vum Minett an d'Éisleck: Jhang Beck (†), Vik. Felgen, Metty Kruchten (†), Josy Leisen, Vik. Mancini (†), Josy Majerus a méng Wéinegeeket.

Mer hun erausgesinn ewi Banditen: d'Klatz plakeg geschuer wéinst de Leis a ganz giel am Gesiicht vum Stéps aus der

Galerie. Et hätt een eis gefuert! Mer sen nämmen nuets marschéiert. Gepäck hate mer sou ze soe kengt. Ech hat méng preisesch Flént um Bockel an e puer Schotz Munitioun an der Täsch.

Déi éischt Nuecht se mer nik wäit kom: bis bei Uerwerkäerjhéng. An enger Gräicht, matzen an enger grousser Kéiperech, an engem Koup Gesträichs verstopppt, hu mer déi nächst Däischtert ofgewaard.

Laanscht de Réiberg se mer a Richtung Norde gaang an op d'Strooss Létzebuerg-Arel komm. Mer hu gekuckt fer e Kilometersteen ze fannen, fer eis méi genee kennen ze orientéieren, ma d'Preisen haten déi fréier Schréften op de Kilometersteng mat den Uertschaften a Kilometeren duerch Zifferen er-

ÉTAT FRANÇAIS
CARTE D'IDENTITÉ

N° 53

Nom Fardel
Prénoms Mathias
Domicile Nancy 1. J. Tocque 7
Profession marié
Né le 14 mars 1918
à Colmar Dpt Ht Rhin
fil de Paul
et de Anne Marie
Nationalité français
Signature du titulaire
Mathias Fardel



SIGNALLEMENT

Changements de Domicile

Taille 1.80 m.
Visage oval
Teint pâle
Cheveux chênes bruns
Moustaches -
Front normal
Yeux brown
Nez rect.
Bouche norm.
Menton plat
Signes particuliers
allergie catalytique

Timbre humide

Timbre humide

Nancy

CE DOCUMENT EST UN TIMBRE DE LA POLICE

CE DOCUMENT EST UN TIMBRE DE LA POLICE

Nodeems ech desertéiert war, wollt ech an d' Frankräich gouen. De Vic Klincker (†) hot mer e gefälschte franséische Pass verschaaft. Aus dem Feider Mathias né le 14 mars 1921 à Liefrange / Grand Duché de Luxembourg as iwer Nuecht de Fardel Mathias né le 14 mars 1918 à Colmar Dpt Ht Rhin gin.

sat, mat dene mer neischt unze-
fenke wossten. An engem Stéck
Bësch, wou ronderëm Feld war,
hu mer déi nächst Nuecht ofge-
waard. Mar haten am Laf vum
Dag erausfont, dat mer no bei
Käerech waren.

Géint Owend as e Mann vu
Giewel, deen an der Fruucht
war – et war d'Zäit vum Kar-
schnatz – op eis gelaf. Hien huet
gläich gesi, wat lass war, a mer
hu gesot, mer wire vun der „Ar-
mée blanche“. Hien huet gesot,

Paräis wir gefall an d'Preise wieren amgaang ze plënneren. De gudde Mann huet eis z'iesse bruecht, a mer si virugaang a Richtung Simmeren.

Mer hu musste gutt oppassen, eng grouss Sandkaul, déi eis de Wee verspart hot, hu mer müssen emgouen. Zou Simmeren hot de Kruchten Metty an engem Stall, wou nach Luucht gebrannt hot – et war eng Kou amgaang ze kaalwen – no dem Wee gefrohjt fer op Sëll. Déi ganz Nuecht hun Honnerte vu Fliegeren iwwert eise Käpp gebrummt an d'Enn vum Krich virbereed. Ech ka mech erënneren: An enger Fénster um éischte Stack vun engem Haus hot emmesch de Fliegeren nogekuckt. Et huet een dee Virwetze-

gen nüt gesin, mä séng Zigarett hot an der Däischtert gelicht. Mer se wäit ausenanergezunn durch Simmeren marschéiert. Et war eng Augustnuecht, et war nik stackdäischter an et hot ee mäi Karabiner gesi blénken. Dem Friemen, deen äist Getréppels gehéiert an äis gesinn hätt, wär dat alles nik geheier geweescht. Hien hätt nik gemuckst a wär sénger Wee gaang. Bei dem grousse Bure mat dene villen Zullen, matzen a Simmeren, se mer biergop duerch de Bësch op d'Strooss komm, déi vu Sëll an d'Gäichel a virun op Arel geet. De Becks Jhang as émmer als leschten an der Rei gaang. Hie war den Haaptkach an der Galerie gewiescht an hat Peffer mat op d'Rees geholl.

Gültig nur für die auf der Rückseite Ziff. 1 angegebenen

Kleiner Wehrmachtfahrtschein

(Gilt als Fahrausweis und ist bei Beendigung der Reise auf dem abzugeben)

für in Buchstaben in der 2. Klasse

für in Buchstaben eine in der 3. Klasse

für in Buchstaben Fensthunde

für am Gepäckschalter aufzugebendes (nicht Handgepäck)
von in Buchstaben Personen

zur einmaligen Benutzung der Eisenbahn

von Bahnhof (Leipzig / Lübeck)

nach Bahnhof (Lübeck / Leipzig)

über (Lübeck)

Das Fahrteil ist zu entrichten.



Ausgefertigt am 13. Aug. 1943

Dienststelle: S. P. Nr. 45365 E

(Truppenteil bzw. Feldpostnummer)

(Unterschrift, Dienstgrad, Dienststellung)

Oblt. u. Schwd. Chef

De Retourbilljee fer zréck un d'Front: Léifrig-Frosinone (Italien).
Wi e gesät: Ech hun dé Gratisbilljé nik méi profitéiert.

AIR MAIL LETTER CARD

PAR AVION
BY AIR MAIL
PER LUGPOS

LUGPOS BRIEKAART

This Card is enclosed in this Card
will be sent by ordinary mail.

As omgrip is ingesluit word sal hierdie
kaart per gewone post gestuur word.



Mr. Metty Fieder
Leefraunce Post Wiltz
Luxemburg

Europe

When folded, the letter Card must
cor form in size and shape to
the blue border, within which
the address only may be written

Wanneer gevou, moet die Briefkaart
die grootte en vorm van die blou
rand hê, waarin alleenlik die
adres geskryf moet word..

Den engleschen Sergeant hot mer den 9.7.45 e Bréif aus Südafrika
geschéckt.

Heinsdo hot hien e bësse Peffer
hannert sech gestret, esou géi-
fen d'Preisen, hot hie gesot, eis
Spuere mat hiren Hénn ver-
léieren.

Hanner Sëll, rechts laanscht
d'Strooss a Richtung Räichel,
hu mer erém an engem Bësch
kämpéiert. Déi Nuecht drop se
mer queesch duerch déi grouss
Plaine teschent Sëll an dem
Préitzerdall op d'Attert zou ge-
schreckt, getroll kann een éisch-
ter soen. Mer sen duerch deck
an dënn, duerch Grompere-,
Rommels- an Huerwerstecker
gefazt an zu Ieverleng se mer
iwwert d'Attert gaang. An der
Stëll vun der Nuecht hot aus
dem Préitzerdall de Gesank vu
jonge Borschten eriwwer ge-
schaalt. Ech huelen un, si hu

schons am viraus gefeiert, wat e
puer Woche méi spéit antriede
sollt: eis Befreiung duerch
d'Amerikaner. Wéi de Vik. Mancini
sech erénnert, hu mer an
der Schankegriecht déi nächst
Nuecht ofgewaard an hun eis du
getrennt. De Kruchtens Metty
an de Vik. Mancini sin am Préi-
zerald bliwwen, de Becks
Jhang an de Felgens Vic. hun
sech zu Rémmerech en Enner-
daach gesicht, an zu dräi si mer
virus gang, op d'Sauer zou.

Mer ware mat der Zäit migd,
apathesch an och e bëssen on-
viersichteg ginn an hunn eis
schonn fréi Nuecht op de Wee
gemet. Fer op d'Strooss Grou-
bous-Eschduerf zu kommen hu
mer mussen ronderém Grou-
bous iwwert verschidde Stroos-

Nationalsozialistische Deutsche Arbeiterpartei

Gau Moselland

Kreisleitung Diekirch

Fernruf: Amt Diekirch Nr. 85 42, 85 48, 85 44
Bankkonto: Kreissparkasse Diekirch Nr. 160
Postscheckkonto: Nr. 10848 beim Postscheckamt Luxemburg



Kampfblatt des Kreises Diekirch
„Nationalblatt“
Ausgabe Luxemburg


Der Kreisleiter

Zeichen: 1499/2561

Ohne Angabe obigen Amtes und Zeichens
kann Ihr Schreiben nicht erledigt werden.

Herrn
Landrat des Kreises Diekirch
Pg. Dr. R i n g e l
Diekirch

Diekirch, den 8. Juli 1944.



Betrifft: Beschlagnahmung des Vermögens des Landwirts Nikolaus Feider, geb. 4.9.1887, Liefringen.

Der Sohn des Vorgenannten, Mathias Feider, hat sich durch Fahnenflucht der Erfüllung seiner Wehrdienstpflicht entzogen. Die Kreisumsiedlungskommission hat daher in ihrer Sitzung vom 6.7. 1944 die Umsiedlung der Familie sowie die Beschlagnahmung des ganzen vorhandenen Vermögens und dessen Einziehung beschlossen. Vor allen Dingen soll sofort ein evtl. vorhandenes Rundfunkgerät beschlagnahmt und sichergestellt werden.

Jch bitte Sie, das Erforderliche zu veranlassen.

Für die Vermögensbeschlagnahme kommen folgende Personen in Frage:

Feider Nikolaus, Landwirt, geb. 4.9.1887, Liefringen
Feider geb. Schmitz Elise, geb. 20.7.1896, Liefringen
Feider Mathias, geb. 14.3.1901, Liefringen (flüchtig)
Feider Maria, geb. 14.7.1922, Liefringen
Feider Johann, geb. 24.8.1928, Lieferingen



Heil Hitler!

(Jakobs)

Oberbereichsleiter der NSDAP.

se gouen. Tëschent Grousrous a Bëschrued as e Mann mam Velo vum Feld komm. Ewi hien eis gesinn hot, as hien an d'Pedale geklomm an huet sech aus dem Stëps gemet, esou séier wéi ee kucke konnt. Hien huet sécher geduecht: Mat denen do as nik gudd Kiischten iessen. Mer waren wi gesot elo nach zu dräi:

Josy Leisen, Josy Majerus (†) an ech, Metty Feider. Fer Zäit ze gewannen si mer vun elo un némmen der Strooss no gaang. Mer hun et drop ukomme gelooss. Em Halefnuecht se mer zu Eschduerf passéiert. Vum Kierchturem huet d'Glack d'zwieléf geschlouen. Um „Pull“, op der Bréck teschent

- Le Fé Henri Seefischer 9.8.18 Concarneau (Fin.) D u
kommun. Betätig. Ger FP 03818A St.L. I 361/43 F.
- Febrère Raymond Arbeiter 12.1.21 Villarcay/Spanien
FP 03039CC IV A-5646/41 F.
- le Febvre Jean Baptiste 4.6.09 Courcelles-les-Lens
FP 03039CC IV A 12-PA. 6434/43-2414/43 F.
- Fechter Louis 27.3.15 Oberroedern Ew FP 17943R F.
- Fleck Albert 20.1.21 Heffingen Ffl EKdo Sipo (SD) Luxemburg
IV E 3-721/43 F.
- Fedorenko Inorenty 24.11.21 ? Fl FP L 14435 LGPA
Paris F.
- Fedotow Michail russ Kgf 5.6.20 ? Fl FP L 54784 LGPA
Paris G/Ru F.
- Fegel Amatus 28.6.23 Roppenzweiler/Elsass 03069CC IV F
12-N.A. 16/6 F.
- Fegel Peter S 16.8.23 Singlingen Ffl Ger Div. 172 -Zwgst:
Koblenz E-stein- St.L. S 321/44 F.
- Fehlen Johann Rottwachtmeister 24.4.19 Dahlheim/Luxen-
burg uEntf EKdo Sipo -Staatl. Kripo- Luxemburg 4. K. F.
- Fehlen Rhepiel S 5.10.23 Luxemburg Ffl Ger Div. I:
-Zwgst. Koblenz E-stein- St.L. S III 189/44 F.
- Fehr Johann S 26.6.22 Kneutingen Entz d Wehrpflicht Gr-
Div. 172 -Zweigstelle Koblenz E-stein- St.L. S 130/44 F.
- Feider Mathias S 14.3.21 Liefringen Ffl Ger Div. I:
-Zwgst. Koblenz E-stein- St.L. S III 419/44 F.
- Feider Viktor Autogaragenbes. 18.2.09 Liefringen EKdo S.
(SD) Luxemburg F.
- Feidler Franz 20.8.18 Hinderhausen Entz d Wehrpflicht
Stapo Köln-Grenz-Kom. Malmedy- 895/43 F.
- Feidler Heinrich Josef 14.3.12 Hinderhausen Entz d Wehr-
pflicht Stapo Köln-Grenz-Kom. Malmedy- 895/43 F.
- Feidler Johann 12.3.21 Hinderhausen Entz d Wehrpf.
Stapo Köln-Grenz-Kom. Malmedy- 895/43 F.
- Feidler Peter 20.8.18 Hinderhausen Entz d Wehrpf.
Stapo Köln-Grenz-Kom. Malmedy- 895/43 F.
- Feidt Franz 22.10.25 Kaundorf Entz d Wehrpf Ger Div.
-Zwgst Trier- St.L. S. III 681/44 F.
- Feidt Heinrich 9.8.22 Kaundorf Ffl EKdo Sipo (SD) Lux-
emburg, IV C 1a F.
- Feidt Renatus 26.12.24 Dalheim Entz d Wehrpflicht F.
Sipo (SD) Luxemburg, IV C 1a F.
- Feidt Renatus Student 15.9.25 Lützelstein/Krs. Zabern
d Wehrpflicht Kdo. Sicherheitspolizei Metz, II F-82591//
- Feiereisen Franz 19.4.20 Tüntingen Ffl Ger I:
Metz St.L. S III 652/44 F.

E Kolleg vu mer, den Erny Bauler(†) war nom Krich bei den Amerikaner als Dolmetscher. Zu Frankfurt/M. hot hien an engem Büro vun der Gestapo e Fahndungsbuch font a mat heem bruecht.

Hei as d' Säit 264 aus engem vun den zwee décke Bicher.

Lëlz-Ensber a Léifreg, se mer iwwert d'Sauer gaang. Et war eng wonnerschéi Summernecht mat engem Himmel voller Stären. Méng Mamm sollt e Schlag kréien, ewéi ech muer ges fréi, ouni ugemellt, an éisem Kéistall stung, op der Plaz, ewou elo de Bistro vum Restaurant Marjaashaff as. De Klinckesch Vic. (†) hat, ewi mer an der Galerie fortgaang sen, gesot, hie géif versichen, eise Lekde Bescheed ze gin, mä dat hat nik geklappt. Et sief dann: mer ware glécklech vum Minett an d'Éisleck komm.

Am Laf vum Dag hot mäi Papp getréischt an engem Plantí vun Tennebeem, déi ongefíier 15 Joer al an nik duerchforst waren, eng Stopp ageriicht. Ënnert engem Bunker stellt ee sech eppes wi eng kleng Festung vir. Vun esou engem Bunker konnt een an eisem Fall ewel nik schwätzen. Et hot ausgesinn ewi eng kleng Kubéischen, en Ënnerdaach am Fall, wou et rene sollt. D'Preisen hu schon ugefong anzepaken, a mer haten duerfir nik wélles, laang am Bësch ze hausen. Eis Stopp war „a Béisicht“, 200 Meter vum klenge Barrage a Richtung Béiwen, ongefíier op däer Plaz, wou hokt d'Strooss Léifreng-Béiwen läit. Wann de Barrage deemols schon dogeweeshéit wir, hätte mer gudd oppasse missen, fer nik an d'Waasser ze bonzelen.

Mer goufe vu ménger Famillje verproviantéiert. Den Emil Majerus, deen deemols Schoulmeeschter zu Léifreg a bei méngen Elteren am Kascht war, hot dobei vill gehollef. De Josy Majerus, dee bei äis war, war säi Brudder.

Mer ware richteg Nuetsvullen, esou wi mer et iwregens schon an der Galerie gewinnt waren. Heiansdo hu mer eis mat eise Legden op der Terrass vun der Joffer Louise Kraus hirem Weekendhaus getraff. Dat Häische stung nik wäit vun deer Plaz, wou d'Béiwener Baach an d'Sauer gelaf as, op dem „Stee“, am Dall. D'Plaz, wou d'Haische stong, läit hokt ënnert dem Waasser vum grousse Barrage.

Ech hun de ganzen Zäit, och schons an der Galerie, méng preisesch Flént mat viru geschleeft.

Ausser deer Flént hate mer nach eng kleng FN-Browning. Mer haten nik vill Munitioun a ware schlecht geriicht fer de Krich mat de Preisen.

D'Léifreger Kiirmes fällt émmer op Schueberfouersonndig. Kiirmessondig, den 3. September 1944, koum am hellen Nométtig en engleschen Sergeant, e Schwaarzen aus Südafrika, duerch Léifreg spazéiert. Hee war nach mat anere Gefongenen de Preisen zu Esch am Lach, wou si dann an der Schoul gerascht haten, fortgelaf. Méng Familljen, zesumme mat méngem Cousin, dem Nekla Feider, deen e bësselchen Englesch konnt, huet sech sénger ugeholl. Eisen englesche Frénd war dunn déi lescht aacht Deeg, bis dat d'Amérikaner koumen, bei äis am Bësch.

Sonndes, den 10. September, am fréien Nométtig, kuurz är di éischt amerikanesch Jeepen vum Hareler Poteau erof zu Béiwen ukoumen, fer a Richtung Noutem-Schumannseck op

Kampflidd vum CPL

I.

Matt freiem Senn ze'e mir dûrch Strôsse sangen
Geént, gestärkt si mir dûrch en hellegt Band.
Mir waren do, we' de Ruff un eis ergângen
Mir streide fro' fir eis Hêmecht a fir d'Land.
Mir hun eis dûrch en Ed gebonnen
Trei eisem Hêmechtsland geschwûr.
Trotz Do'dsgefohr a schwe'er en Stonnen
Mir hâle fest un eisem Schwur.
Du sche'nt klengt Letzeburg
Du stës net me' eleng
Well trei zu dir stinn d'Männer vun der CPL

Refrain:

Hellege Buedem vun dem Hêmechtsland
Dén du eis gedroen hues schon als klengt Kand
Fir dech streide mir mat fro'em Mudd
Fir dech lösse mir eist Bludd.
Hellege Buedem, Letzeburg eist Land
Dech ze befreien gêt et dûrch eng Hell
Donnergleich de Freihêts ruff erschâlt
CPL CPL CPL

II.

Erhieft éch Männer eis Hêmecht ze befreien
Dé gro'ssen a lang erwuarte Dâg ass do.
Erbei, erbei, alles ânescht losst elo leien
Follecht matt Stoltz eisem Fändel ro't, weiss a blô.
Gêt ge'nt dât preisescht Ongeheier
Dât sech op Letzeburg geheit,
Onst Hêmechtsland wât eis eso' deier
Wé wellt do stoen op der Seit?
Trött an eis Reien an!
Streit ge'nt de' preisesch Hell
Zesummen matt de Männer vun der CPL

III.

Besonnescht Râch trefft de' schändlech Letzebürger
De' d'Hêmechtsland hun besuddelt matt Verrôd.
Hirt égent Bludd hu verkäft si, an nach Uerges,
Si gi gerîcht o'ni Ausnöhm, o'ni Gnôd.
Da gi mir op de Kirfesch stoen
Voll Trauer op en Heldegrâf.
Komerod, mir hun eis Flicht gedôen
An dengem Géscht an Hêmechtsglâf.
Eng nei Zeit brecht elo un.
Eng Zo'konft sche'n an hêl
Fir Letzeburg an d'Männer vun der CPL.

An der Galerie „Hondsbesch“, wou mer verstoppt waren, hu mer, op d' Weis vun der „Madelon“ d'Kampflidd vum CPL (Combattant Patriote Luxembourgeois) gesongen.

La Madelon: chanson créée à Paris en 1914, popularisée par les soldats français de la Première Guerre mondiale.

Wolz ze fueren, koum nach eng Kolonn preisesch Zaldoten honnert Meter vun eiser Stopp ewech vu Kalemt erof duerch de Bësch geschlach, fer a Richtung Miecher, Bickscht opt preisesch Grenz zouzegoen. Wéi se eng Zäit laanscht waren, se mer op Béiwen gelaf, fer di éischt Amerikaner ze begréissen. E bësse mi spéit am Nomettig goufe mer vun de Léifriger Lekt opgeholl. Am Cortège se mer op Léifreg an d'Kiirch gaang, fer dem Herrgott an der Muttergottes merci ze soen. Mer ware frou, mer hu gemengt, de Krich wär fer eis ganz eriwwer. Di meesch Léifreger Lekt hun eléischt richtege Kontakt mat den Amerikaner kritt, wi se an der Nuecht vum 26. op de 27. Dezember vun Énsber koumen an d'Preise fert zweet aus dem Duerf verdriwwen hun. Ugangs der Woch nom 10. September sen ech mat eissem Englänner op Wolz gaan-gen. Bei den Amerikaner zu Wolz waren zoufälleg englesch Offizéier. Si hun hirem Sergeant op d'Schëller geklappt an him e puer Päck Proviant an en Zedel an de Grapp gedreckt. Op dem Zedel stung: Bastogne-Namur-Brussels. Si soten, zu „Brussels“ wir hiren „Headquarter“. Hee soll sech un d'Haaptstrooss halen, et wiren nämlech nach émmer versprengte preisesch Zal-doten an der Géigend.

Déi englesch Offizéier hate Recht. De 17. September, eng Woch no der Libératioun, op der Miecherkiirmes, sén an der Dáschtert nach preisisch Zaldo-tten zu Miecher (Wolz) an zu Kau-nerëf opgedaucht.

An den Haiser Ant. Majerus-Schmitz (Miecher) a Jean Geib (Kaunerëf) hun se d'Lekt gezwongen si ze verproviantéieren är se durich d'Béscher virun op d'Grenz zou geschlach sén.

E puer Deg drop sen ech mat eisem gudde Frënd op de Schumannseck stoe gaang. Mer hun en amerikaneschen Truck, deen a Richtung Baaschtnech gefuer as, ugehaal. Ech hun dem Chauffeur schéi musse fléiwen, dat heen den engleschen Zaldot sollt mathuelen.

De Sergeant huet eis spéider geschriwwen, hee wier an en-gem Centre vun der Arméi, fer sech vu senge Strapazen ze er-huelen.

Fer hee war de Krich aus, mä fer eis Letzeburger nach nik!

Metty Feider

* Vic Klinckert: 120 Refraktären énnert dem Buedem. Verlag: Union

* Aimé Knepper: Les réfractaires dans les bunkers. ISP